ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4635
Reçue le 08.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.07.2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

> Am Artikel "*ALEH organisiert Gesprächsrunde*", deen de 24. Juni am Tageblatt publizéiert gouf, gëtt eng Diskussiounveranstaltung vun der "ALEH" (Association luxembourgeoise des enseignants d'histoire") dokumentéiert. Zu dëser Veranstaltung schreift d'Tageblatt ënner anerem, datt et am Moment am Enseignement Secondaire classique u Bicher feelt, déi sech verdéift mat der Lëtzebuerger Geschicht befaassen.
>
> Duerfir géif ech dem Här Schoulminister gär des Froe stellen:
>
> 1) Wéi steet den Här Minister zu dëser Ausso?
> 2) Kéint den Här Minister sech virstellen, vun der Programmkommissioun en entspriechend Schoulbuch ausschaffen ze loossen, dat sech méi mat der Lëtzebuerger Geschicht beschäftegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4635 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

Am Enseignement secondaire zu Lëtzebuerg si mer traditionell op Léierbicher aus den auslänneschen Editiounshaiser ugewisen. Zanter 2016 ginn awer ëmmer méi Léiermaterialie vun Aarbechtsgruppen erstallt, déi spezifesch op de Lëtzebuerger Kontext gemënzt sinn. Vill vun den Ufroen, fir esou Léiermaterialien ze erstellen, kommen dobäi vun de concernéierte Programmkommissiounen an dowéinst wier ech net ofgeneigt, e Projet fir d'Elaboratioun vu Léiermaterialien zur Lëtzebuerger Geschicht ze ënnerstëtzen.

An deem Kontext sief awer och drop verwisen, datt et och haut schonn exzellent Materialie gëtt, fir de Jonken an de Schoulen d'Lëtzebuerger Geschicht a Kultur méi no ze bréngen. Dobäi denken ech z. B. un d'Materialien op kulturgeschicht.lu, editéiert vum SCRIPT, d'Brochure *La 2e Guerre mondiale au Luxembourg* mat sengem pedagogesche Begleedheft, dat vum ZPB ausgeschafft gouf, oder och nach d'Materialien, déi vum $C^2DH$ vun der Uni Lëtzebuerg erausgi ginn.